



**Äntwert vum Här Jean Asselborn, Immigrationsminister, op d'parlamentaresch Fro
Nummer 1086, vum 20. August 2019, vum honorabelen Deputéierten Här Fernand Kartheiser**

- 1) *Wéi kontrolléiert déi Lëtzebuurger Regierung ob Persounen déi zu Lëtzebuerg e Schutzstatut kruten, fräiwëlleg an déi Länner zrëck ginn an deene si – hiren Aussoe no – géinge verfollegt ginn?*

Persounen déi de Flüchtlingsstatut laut der Genfer Konventioun besëtzen, däerfen net méi an hiert Hierkonftsland reesen. Dëst ass och an hirem Flüchtlingspass markéiert. Bei der Ausrees aus dem Schengenraum ginn d'Päss vu Grenzbeamte kontrolléiert. De Memberstaat deen de Flüchtlingspass ausgestellt huet gëtt gegebenenfalls doriwwer informéiert. An esou engem Fall convoquéiert den Ausseministère déi concernéiert Persoun fir Explikatiounen dozou ze ginn. Gläichzäiteg krit déi Persoun nach eng kéier erkläert dass si net méi an hiert Heemechtsland dierf reesen.

Persounen déi de Statut vum subsidaresche Schutz besëtzen däerfen *a priori* an hiert Hierkonftsland zrëckreesen.

Bei der Erneierung oder der Verlängerung vum Titre de séjour oder dem Flüchtlingspass gëtt kontrolléiert wou déi concernéiert Persoun higereest ass. Wann Irregularitéite festgestallt ginn, kann déi Persoun déi néideg Explikatioune gefrot kréien.

- 2) *Wat geschitt mat deene Persounen, wann d'Regierung esou e Verhale feststellt?*

D'Regierung huet d'Méiglechkeet enger Persoun den internationale Schutzstatut ofzëerkennen an hier unzeuerdnen d'Land ze verloossen, wann festgestallt gëtt dass si sech nees an hirem Heemechtsland etabléiert huet. En kuerzen Openthalt am Hierkonftsland geet an deem Kontext net duer.



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

Le Ministre

CHAMBRE DES DÉPUTÉS

Entrée le :

16 SEP. 2019

Luxembourg, le 16/09/2019

Le Ministre des Affaires étrangères et européennes, Ministre de l'Immigration et de l'Asile
à
Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement

Je vous prie de bien vouloir trouver, en annexe, la réponse de Monsieur le Ministre des
Affaires étrangères et européennes, Ministre de l'Immigration et de l'Asile à la question
parlementaire n° 1086 posée par l'honorable Député Monsieur Fernand Kartheiser.


Jean Asselborn